

Här Fernand Etgen
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 28. Mee 2021

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Energieminister an un den Här Transportminister weiderzeleeden.

De 25. Mee huet den Direkter vum Cluster for logistics en Interview um Radio 100,7 ginn. An der entsprecherender Emissioun ass hien ënner anerem op der Regierung hir Klimaziler fir den nationale Logistik Secteur agaangen. Dës ginn deelweis iwwer d'Ziler vun eisen Nopeschlänner raus an déi verantwortlech Acteure wëssen net, wéi se déi Reduktioun vun den Zäregasemissiounen bis 2030 solle bewierkstellen. Des Weidere fillt de Secteur sech vun der Regierung bei dem Asaz vu scho bestoenden Technologien, wéi zum Beispill méi grouss Camionen de sougenannte "Gigaliner" net ënnerstëtzt. Obwuel des Gefierer a villen europäesche Länner zougelooss sinn, hunn se bis lo zu Lëtzebuerg mol net dierfe getest ginn. Des Weideren ass d'Laascht pro Achs no Ausso vum Direkter vum Cluster for logistics net méi héich, wéi bei aktuelle Camionen, wouduerch des och keng zousätzlech Schied fir eise Stroossebelag kënnen verursaachen.

An deem Zesammenhang géif ech der Regierung gär des Froe stellen:

- 1) Ob wéi eng Prognosen zum technesche Fortschrëtt berout dat Zil vun der Reduktioun vun den Zäregasemissiounen am Logistiksecteur em 48 Prozent bis 2030?
- 2) Ob wéi engen demographesche Prognosen berout dat uewen zitiiert Zil, wuelwëssend, datt méi Awunner och méi Logistik géife viraussetzen?
- 3) Wéi begrënnt d'Regierung hir Entscheidung fir déi sougenannt Gigaliner net mol an enger Testphase zuzeloossen, obwuel des keng zousätzlech Belaaschtung fir eis Stroossen duerstellen?
- 4) Am Persounentransport probéiert d'Regierung d'Zäregasemissiounen duerch eng Ëmstellung vu ville kleng Gefierer op méi grouss Einzelgefierer (zum Beispill vun de Privatautoen ob de Bus) ze reduzéieren, well eenzel grouss Gefierer proportional manner Zäregaser ausstousse wéi vill klenger. An deem Sënn sinn och Busse mat 25 Meter Längt fir den Transport an der Stat Lëtzebuerg zougelooss. Wéi eng Ursache schwätzen dogéint, fir des Konzeptioun op de Giddertransport ze iwwerdroen?

Mat déiwem Respekt,



Fred Keup



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

Luxembourg, le **30 JUIN 2021**

**Monsieur Marc Hansen
Ministre aux Relations avec
le Parlement**

**Service Central de Législation
Luxembourg**

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer en annexe la réponse commune à la question parlementaire N°4369 du 28 mai 2021 de l'honorable député Monsieur Fred Keup, concernant la transition environnementale dans le secteur de la logistique, tout en vous priant de bien vouloir en assurer la transmission à Monsieur le Président de la Chambre des Députés.

Recevez, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments distingués.

**François Bausch
Ministre de la Mobilité et des
Travaux publics**

**Gemeinsam Äntwert vum Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten, François Bausch,
a vum Minister fir Energie, Claude Turmes, op d'parlamentaresch Fro n°4369 vum 28. Mee 2021
vum honorablen Deputéierte Fred Keup zur « transition environnementale
dans le secteur de la logistique »**

Den honorablen Deputéierte freet Renseignerter wéi d'Zäregasemissiounen am Logistiksecteur solle reduzéiert ginn.

Den integréierten nationalen Energie- a Klimaplang (PNEC) kann a senger Envergure de genauen Detail vun all Secteur net ofbilden. Insgesamt geet de PNEC dovun aus, dass de Verbrauch vu fossille Kraaftstoffer an den nächste Jore wäert ofhuelen. Den Detail fir déi eenzel Secteure gëtt elo vun de Ministère ausgeschafft. Sou gouf tëschent dem Ministère fir Energie a Landesplanung, dem Ministère fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten, dem Finanzministère, dem Wirtschaftsministère an dem Ministère fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung en interministeriellen Aarbechtsgrupp zum Thema Logistik gegrënnt, deen elo zesumme mam Secteur wäert konkret Léisungsusätz proposéieren.

Wat de méiglechen Asaz vu Gigaliner ubelaangt, esou ass an der Äntwert op déi rezent parlamentaresch Ufro n°4356 detailléiert erkläert firwat net geplangt ass den Asaz vun dëse laange Gefierer ze autoriséiere. Et stemmt awer dat iwwert déi leschte Jore Bussen am RGTR ënnerwee waren, déi och eng Gesamtlängt vu 25 Meter haten. Des Duebel-Gelenkbusser goufen op Buslinnen agesat mat enger héijer Unzuel vu Passagéier. Änlech wéi bei de Gigaliner, huet sech awer erausgestallt dat dës laang Busser sech schlecht eegene fir am aktuelle Reseau agesat ze ginn. Zum Beispill war déi bestoend Bus-Abuchtungen net ëmmer technesch dësen Busser ugepasst. Ab 2022 ass et am néie RGTR Reseau dohier och net méi geplangt des Busser vu 25 Meter anzesetzen, mee nëmmen nach Gelenkbusser mat enger maximal Längt vun 18 Meter ze benotzen.